

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2022

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Virfeld vun der Ausstellung „Le passé colonial du Luxembourg“, déi vum 8. Abrëll bis zum 6. November 2022 am MNHA stattfanne wäert a bei där et ëm d'Aktivitéit vu verschiddene Lëtzebuerger am « Congo belge » geet, liest een um Site vum Nationalmusée: „*Le colonialisme était également présent dans la société luxembourgeoise du milieu du 19<sup>e</sup> siècle jusqu'aux années 1960, influençant aussi bien la politique, l'économie que la culture du pays.*“ Weider heescht et: „*Des Luxembourgeois ont aussi participé à l'exploitation meurtrière du caoutchouc au Congo à l'époque du Roi des Belges Léopold II (1885-1908) qui fit plusieurs millions de morts.*“ Zum Schluss vun deem Presentatiounstext heescht et lapidar: „*Cette exposition montre que le Luxembourg a bel et bien un passé colonial.*“

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

- 1) Ass d'Regierung der Meenung, datt Lëtzebuerg als Staat eng kolonial Geschicht huet?
- 2) Wa jo, kann d'Madamm Minister erklären, wéi eng Kolonië Lëtzebuerg gehat hätt (Regiounen, Datummen, an esou weider...)?
- 3) Wann nee, geet d'Madamm Minister dervun aus, datt den Titel vun der Ausstellung, wéi och den zitéierte leschte Saz vum Presentatiounstext, glécklech gewielt sinn, wann ee bedenkt, datt Lëtzebuerg als Staat ni Kolonien hat an datt just verschidde Lëtzebuerger, aus ënnerschiddleche Grënn, awer net am Numm oder Opdrag vun hirem Land, sech un der Kolonisierung vum belsche Kongo bedeelegt hunn?
- 4) Kann d'Madamm Minister prezisieren, ob mam Saz „*Des Luxembourgeois ont aussi participé à l'exploitation meurtrière du caoutchouc au Congo à l'époque du Roi des Belges Léopold II (1885-1908) qui fit plusieurs millions de morts.*“ ausgedréckt soll ginn, datt sech Lëtzebuerg als Staat zu iergend engem Zäitpunkt un engem Verbrieche bedeelegt hätt? Mécht d'Regierung e kloren Ënnerscheid tëschent den Aktivitéite vu private Persoune mat Lëtzebuerger Nationalitéit an Aktivitéite vum Lëtzebuerger Staat?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser  
Deputéierten